A2


Schwätzt Dir Lëtzebuergesch?

# *Zousazmaterial*

# Kapitel 2

# Kapitel 2 Säit 26, Übung 3

*E Schlass als Wunneng? Sicht positiv an negativ Punkten.*



| positiv | negativ |
|---|---|
| *Et huet en Tennisterrain.* | *Et ass ze deier.* |
| | |
| | |
| | |
| | |
| | |
| | |

# Kapitel 2 Säit 28, Übung 4

*Bestëmmt de Genre (M, F oder N) vun de Wierder unhand vun den Artikelen.*

*Beispill:*

| | | |
|---|---|---|
| **en/d’** | Streckbriet: | **N** |
| **e/d’** | Reienhaus | ..... |
| **e/de** | Stack | ..... |
| **en/d’** | Zëmmer | ..... |
| **eng/d’** | Stuff | ..... |
| **e/de** | Keller | ..... |
| **eng/d’** | Buedbidden | ..... |
| **eng/d’** | Kichen | ..... |
| **en/den** | Dësch | ..... |
| **e/de** | Stull | ..... |
| **e/de** | Späicher | ..... |

*Schreift d’Artikele bei d’Wierder.*

*Beispill:*

Loyer: **e** Loyer / **de** Loyer

Stuff ............................................ /............................................

Regal ............................................ /............................................

Teppech ............................................ /............................................

Kachplack ............................................ /............................................

Gaart ............................................ /............................................

Wäschmaschinn ............................................ /............................................

Dreckskëscht ............................................ /............................................

Lift ............................................ /............................................

Präis ............................................ /............................................

Fotell ............................................ /............................................

# Kapitel 2 Säit 28, Übung 4

*Wat hutt Dir léiwer? Kräizt un.*

| Wat hutt Dir léiwer? | |
|---|---|
| ☐ en Haus | ☐ en Appartement |
| ☐ e Balcon | ☐ eng Terrass |
| ☐ e Gaart | ☐ kee Gaart |
| ☐ eng Dusch | ☐ eng Buedbidden |
| ☐ eng oppe Kichen | ☐ eng separat Kichen |
| ☐ eng Piscine | ☐ keng Piscine |
| ☐ e Späicher | ☐ e Keller |
| ☐ ........................................ | ☐ ........................................ |

*Liest d'Beispill a schwätzt mat enger Persoun aus der Klass iwwert Är Preferenzen.*

\+ *Wat hutt Dir léiwer? En Haus oder en Appartement?*

\- *En Haus. An Dir?*

\+ *Ech hu léiwer en Appartement. En Haus ass ze grouss.*

\+ *Wat hues du léiwer? E Gaart oder kee Gaart?*

\- *Ech hu léiwer e Gaart. An du?*

\+ *Ech och. E Gaart ass flott am Summer.*

...

# Kapitel 2 Säit 29, Übung 7

*Wéi wunnt Dir? Kräizt un.*

| Ech wunnen ... | Ech hunn ... | Meng Wunneng ass ... | D'Géigend ass ... |
|---|---|---|---|
| ☐ an engem Haus | ☐ e Gaart | ☐ grouss | ☐ roueg |
| ☐ an engem Appartement | ☐ eng Terrass | ☐ kleng | ☐ net roueg |
| ☐ an .............................. | ☐ e Keller | ☐ hell | ☐ schéin |
| ☐ um Rez-de-chaussée | ☐ e Späicher | ☐ däischter | ☐ ellen |
| ☐ um éischte Stack | ☐ e Balcon | ☐ modern | ☐ propper |
| ☐ um zweete Stack | ☐ eng Piscine | ☐ almoudesch | ☐ knaschteg |
| ☐ um drëtte Stack | ☐ .................................... | ☐ deier | ☐ .................................... |
| ☐ um .............................. | ☐ .................................... | ☐ bëlleg | ☐ .................................... |

*Wou a wéi wunnt Dir? Schwätzt mat enger Persoun aus der Klass iwwert Är Wunneng.*

\+ *Wou wunnt Dir?*
\- *Ech wunnen an engem Appartement zu Zéisseng.*
\+ *Hutt Dir e Gaart?*
\- *Nee, ech hu kee Gaart. An Dir, wou wunnt Dir?*
\+ *...*

\+ *Ass deng Wunneng grouss?*
\- *Jo, se ass grouss a modern.*
\+ *A wéi ass d'Géigend?*
\- *D'Géigend ass ...*

# Kapitel 2 Säit 30, Übung 4

## *Wiesselspill*

## Kopie A

*Wuer kommen d'Saachen? Är Informatioune sinn net komplett.*
*Kuckt d'Beispill a schwätzt zu zwee.*

1. De Sonneprabbeli kënnt .............................. .
2. D'Bicherregal kënnt an de Büro.
3. Den Auto kënnt ..............................
4. De Spigel kënnt an d'Buedzëmmer.
5. D'Këschte kommen .............................. .
6. D'Wäschmaschinn kënnt an de Keller.
7. Den Teppech kënnt .............................. .
8. De Schaf kënnt an d'Kannerzëmmer.
9. D'Kommoud kënnt .............................. .
10. D'Steeluucht kënnt an d'Stuff.
11. Den Iessdësch kënnt .............................. .
12. D'Gaardemiwwele kommen an de Gaart.
13. D'Kleederkëschte kommen .............................. .
14. De Kannapee kënnt an d'Gäschtezëmmer.
15. D'Still komme .............................. .
16. Den Nuetsdësch kënnt bei d'Bett.

A: Wuer kënnt de Sonneprabbeli?

*B: E kënnt op d'Terrass.*

*B: Wuer kënnt d'Bicherregal?*

A: Et kënnt ...

# *Wiesselspill*

## Kopie B

*Wuer kommen d'Saachen? Är Informatioune sinn net komplett.*
*Kuckt d'Beispill a schwätzt zu zwee.*

1. De Sonneprabbeli kënnt op d'Terrass.
2. D'Bicherregal kënnt ........................................ .
3. Den Auto kënnt an d'Garage.
4. De Spigel kënnt .......................... .
5. D'Këschte kommen op de Späicher.
6. D'Wäschmaschinn kënnt .......................... .
7. Den Teppech kënnt an de Gank.
8. De Schaf kënnt .......................... .
9. D'Kommoud kënnt an d'Schlofzëmmer.
10. D'Steeluucht kënnt .......................... .
11. Den Iessdësch kënnt an d'Kichen.
12. D'Gaardemiwwele .......................... .
13. D'Kleederkëschte kommen op den éischte Stack.
14. De Kannapee kënnt ...................... .
15. D'Still komme bei den Iessdësch.
16. Den Nuetsdësch kënnt.......................... .

A: Wuer kënnt de Sonneprabbeli?

*B: E kënnt op d'Terrass.*

*B: Wuer kënnt d'Bicherregal?*

A: Et kënnt ...

# Kapitel 2 Säit 32, Übung 3

## *Memory : Aktivitéiten am Stot*

Dëst ass e Memory-Spill zum Theema Aktivitéiten am Stot, fir zu zwee an zwee oder a klenge Gruppen ze spillen. Et geet drëm, fir e Bild mat dem richtege Verb ze kombinéieren.

Fir unzefänke leien all d'Käertercher verdeckt do.
Ee Schüler dréint zwou Käertercher ëm. Wa se net beienee passen, da gi se nees verdeckt. Wa se beienee passen, dann däerf dee Schüler se halen.
Dann ass et un deem nächste Schüler, fir zwou Käertercher ëmzedréinen.

Dee mat de meeschte Käertercher huet gewonnen.

# Kapitel 2

## Säit 32, Übung 3



| | | |
|---|---|---|
| raumen | spullen | stëbsen |
| staubsaugen | eng Wäsch maachen | strecken |
| d'Bett maachen | den Dësch decken | naass opbotzen |
| d'Planzen nätzen | d'Dreckskëscht eidel maachen | d'Spullmaschinn araumen |

# Kapitel 2 Säit 34, Übung 4

*Wat verkaaft Dir alles? Maacht Sätz nom Modell.*

**Vëlo (M)**: Ech verkafe **mäi Vëlo**. Ech verkafen **e** fir 50 €.

| | |
|---|---|
| Kannapee (M) | 120 € |
| Computer (M) | 250€ |
| Bicher (PL) | 50€ |
| Steeluucht (F) | 25€ |
| Timberesammlung (F) | 65€ |
| Tëlee (F) | 150€ |
| Kannerbett (N) | 135€ |
| Skateboard (N) | 35€ |
| CD-Player (M) | 50€ |
| Vinylplacken (PL) | 200€ |

*Hutt Dir och flott Saachen, fir ze verkafen? Notéiert fënnef Saachen an de Präis op en Ziedel.*

*Tauscht den Ziedel elo mat Ärem Noper. Wielt eng Saach a probéiert se esou bëlleg wéi méiglech vun Ärem Noper ze kafen.*

A2

Schwätzt Dir Lëtzebuergesch?


# Léisungen

## *Zousazmaterial*

## Kapitel 2

# Kapitel 2 Säit 26, Übung 3

*E Schlass als Wunneng? Sicht positiv an negativ Punkten.*



*Zum Beispill:*

positiv

*Et huet en Tennisterrain.*

*Et ass grouss.*

*Et ass schéin.*

*Et huet vill Terrain.*

*Et huet eng Piscine.*

*Et huet vill Zëmmeren.*

...

negativ

*Et ass ze deier.*

*Et ass ze grouss.*

*Et ass ze al.*

*Et gi keng Noperen.*

*Et ass wäit ewech vun der Stad.*

...

# Kapitel 2 Säit 28, Übung 4

*Bestëmmt de Genre (M, F oder N) vun de Wierder unhand vun den Artikelen.*

*Beispill:*

| | | |
|---|---|---|
| **en/d’** | Streckbriet: | **N** |
| **e/d’** | Reienhaus | **N** |
| **e/de** | Stack | **M** |
| **en/d’** | Zëmmer | **N** |
| **eng/d’** | Stuff | **F** |
| **e/de** | Keller | **M** |
| **eng/d’** | Buedbidden | **F** |
| **eng/d’** | Kichen | **F** |
| **en/den** | Dësch | **M** |
| **e/de** | Stull | **M** |
| **e/de** | Späicher | **M** |

*Schreift d’Artikele bei d’Wierder.*

*Beispill:*

Loyer: **e** Loyer / **de** Loyer

Stuff: **eng** Stuff / **d’**Stuff

Regal: **e** Regal / **d’**Regal

Teppech: **en** Teppech / **den** Teppech

Kachplack: **eng** Kachplack / **d’**Kachplack

Gaart: **e** Gaart / **de** Gaart

Wäschmaschinn: **eng** Wäschmaschinn / **d’**Wäschmaschinn

Dreckskëscht: **eng** Dreckskëscht / **d’**Dreckskëscht

Lift: **e** Lift / **de** Lift

Präis: **e** Präis / **de** Präis

Fotell: **eng** Fotell / **d’**Fotell

*Wat verkaaft Dir alles? Maacht Sätz nom Modell.*

**Vëlo (M)**: Ech verkafe **mäi Vëlo**. Ech verkafen **e** fir 50 €.

Kannapee (M) 120 €
*Ech verkafe **mäi Kannapee**. Ech verkafen **e** fir 120 €.*

Computer (M) 250€
*Ech verkafe **mäi Computer**. Ech verkafen **e** fir 250 €.*

Bicher (PL) 50€
*Ech verkafe **meng Bicher**. Ech verkafe **se** fir 50 €.*

Steeluucht (F) 25€
*Ech verkafe **meng Steeluucht**. Ech verkafe **se** fir 25 €.*

Timberesammlung (F)65€
*Ech verkafe **meng Timberesammlung**. Ech verkafe **se** fir 65 €.*

Tëlee (F) 150€
*Ech verkafe **meng Tëlee**. Ech verkafe **se** fir 150 €.*

Kannerbett (N) 135€
*Ech verkafe **mäi Kannerbett**. Ech verkafen **et** fir 135 €.*

Skateboard (N) 35€
*Ech verkafe **mäi Skateboard**. Ech verkafen **et** fir 35 €.*

CD-Player (M) 50€
*Ech verkafe **mäin CD-Player**. Ech verkafen **e** fir 50 €.*

Vinylplacken (PL) 200€
*Ech verkafe **meng Vinylplacken**. Ech verkafe **se** fir 200 €.*